N°2133
Entrée le 24.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Minister fir Kultur, Ëffentlech Funktioun an Aarbecht weiderzeleeden.

A leschter Zäit sinn eng Rei vu Leit un eis erugetrueden, déi sech driwwer beschwéiert hunn, datt hei zu Lëtzebuerg bei Zougangskontrollen zu oder an ëffentleche Gebaier, sou och z.B. an der Nationalbibliothéik, Sécherheetsdéngschter kontrolléieren, bei deenen eesproochegt Personal (franséischsproocheg) zum Asaz kënnt. Et kéim och zu desagreabele Situatiounen, wann ee sech net der Injonctioun "Parlez français!" géif conforméieren.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Regierung:

1) Wéi positionéiert sech d'Regierung dozou, dass bei Zougangskontrollen zu oder an ëffentleche Gebaier d'Bierger oder Visiteuren dozou ugehale ginn, op Franséisch ze schwätzen?
2) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt, wa fir Zougangskontrollen zu oder an ëffentleche Gebaier op Sécherheetspersonal muss zeréckgegraff ginn, dat nach kee Lëtzebuergesch kann, déi Leit sech an hirem Aarbechtskontrakt verflichte mussen, fir Lëtzebuergesch ze léieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
ADR Fraktiounspresident

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742